



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Februar 2020

Betrëfft: Parlamentaresch Fro iwwert d'Presentatioun vun de Statistiken vun der Weltgesundheitsorganisatioun

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet, un den Här Baussen- an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Weltgesundheitsorganisatioun (WHO/OMS) presentéiert allgemeng, mee besonnesch och am Kontext vun där aktueller Situatioun ronderëm de Coronavirus, Statistiken no "Countries, territories or areas". An deenen Oplëschtunge steet China als eng Sammelbezeichnung, déi, wéi eng Foussnott rensignéiert, och Hong Kong, Macao an "Taipei" (Taiwan) ëmfaasst. Dëse Choix ass am Prinzip konform zu der "Ee-China-Doktrinn".

Lëtzebuerg huet awer intensiv an differenzéiert ekonomesch a kulturell Relatiounen, och mat deene genannten Entitéite vun ënnerschiddlechem rechtlichem Statutt, wéi z.B. am Beräich vun der Loffracht. Ënnert dem Androck vun der gesondheetlecher Kris a vläicht zëvill summaresche Statistike vun der WHO, sinn an der leschter Woch z.B. falsch Meldungen an der Press opgedaucht, déi vun enger Annulatioun vun de Volë vun der Cargolux op Taiwan geschwat hunn.


Duerch déi ondifferenzéiert Klassifizéierung vun Taiwan zesumme mam kontinentale China, ass Taiwan an enger "Héich-Risiko-Kategorie" agestuft, wat déi wierklech Situatioun op der Insel awer net korrekt reflektéiert. Et gëtt do aktuell nëmmen 18 Fäll ouni Risk op eng méi grouss Verbreedung. Déi global Astufung vu verschiddenen Entitéiten als "China" kann also zu net faktuell justifizierten Decisioune féieren, déi och deene lëtzebuergeschen ekonomeschen Interesse potentiell schueden.

Dowéinst wollte mir d'Regierung froen:


1. Ass d'Regierung bereet, fir bei der WHO ze intervenéieren, fir d'Situatioun am kontinentale China an op Taiwan separat ze rensignéieren a separat Risikoevaluatiounen ze ginn, dëst awer am Kader vun enger Presentatioun, déi d'Doktrinn vun der "Ee-China-Politik" politesch net a Fro stellt?

2. Huet d'Regierung Informatiounen iwwer d'Annulatioun vu Fluchverbindungen tëschent Europa an Taiwan (z.B. an Italien), déi op esou globale Risikopresentatioune vun der WHO berouen?
3. Gëtt et eng Verantwortung vum Staat géintiwwer privaten Entreprises, déi wéinst falschen, well zevill summaresche Risikopresentatioune vun internationalen Organisatiounen, bei deene Lëtzebuerg Member ass, hir ekonomesch Relatiounen z.B. mat Taiwan op eng fir si nodeeleg Manéier veränneren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen



Fernand Kartheiser